# Cycle 4.1

## Coupe scolaire






Gewënner vun dësem Joer :

| | | |
|---|---|---|
| 1 Plaz : | Belardi Jim | 177 Punkten |
| | Glodt Zoé | 177 Punkten |
| 3 Plaz : | Cano Chloé | 175 Punkten |
| 4 Plaz : | Gatineau Laura | 174 Punkten |
| | Weber Annika | 174 Punkten |
| | Weis Emil | 174 Punkten |

Obschonns mer dëst Joer 2 Kanner hunn déi et op déi éischt Plaz gepackt hunn, wäert de Jim Belardi fir d'Gemeng Contern bei der Finale vun allen Gemengen an organiséiert vun der Sécurité routière untrieden. Dëst ass decidéiert ginn, well d'Zoé Glodt och d'lescht Joer dat éischt ginn ass an esou d'Chance krut als Finalistin unzetrieden.

Mir wënschen dem Jim Belardi Bonne Chance bei der Finale an soen jidderengem Villmools Merci deen eis gehollef huet d'Coupe scolaire ze organiséieren.

## Spannende Lesung von Jürgen Banscherus in der Grundschule von Contern

Am Dienstag, den 05.05.2015 gab der 66-jährige Jürgen Banscherus in der Grundschule „Um Ewent" eine Lesung. Die Schüler/innen der Zyklen 2-4 hörten jeweils über eine Stunde dem Schriftsteller aufmerksam zu.

Bevor Jürgen Banscherus 1989 Schriftsteller wurde, arbeitete er als Journalist, wissenschaftlicher Mitarbeiter in der Forschung, Verlagslektor und Dozent in der Erwachsenenbildung.

1985 wurde sein erstes Kinderbuch veröffentlicht. Seine Kinder- und Jugendbücher wurden bislang in 23 Sprachen übersetzt und vielfach ausgezeichnet.

Nachdem er dem „Cycle 4„ aus dem Buch „Emil Flinkefinger„ vorgelesen hatte, konnten die Schüler dem sympathischen Autor Fragen über sein Leben und seine Bücher stellen. Er teilte den Kindern mit, dass ihm persönlich sein Buch mit dem Titel „Davids Versprechen„ besonders gefalle.

Zum Abschluss der Lesung erhielt jeder Schüler ein Autogramm des Schriftstellers.

**Chloé, Laura, Sophie**





# Cycle 4.1

## Fuesent















D'Kanner aus dem Zykle 1 sinn eis hir Liiblingsbicher virstelle komm. Mir hunn vill flott Geschichte kennegeléiert



# Cycle 4.1

## An der Philharmonie



Déi 2 Klassen vum Zykle 4.1 waren an d'Philharmonie déi 4 Joreszäiten vum Antonio Vivaldi lauschteren.

## Am Verkéiersgaart



## Schoulsportdag







# Cycle 4.2





De 15. Oktober ass de Cycle 4.2. der Geschicht vun der Stad Lëtzebuerg op d'Spur gaang...

Den 3. 12. wor den internationalen Dag fir Mënschen mat enger Behënnerung.

Eng Behënnerung hunn – Wat bedeit dat... am Alldag, bei der Aarbecht oder an der Fräizäit?

De Michael Herold ass Animatiounszeechner a Personal Trainer. Hie war als Animatiounszeechner aktiv bei der Produktioun vun der TV Serie „Die Pinguine aus Madagascar" bedeelegt. De Michael Herold sëtzt am Rollstull. Hien huet ons op eng interessant Art a Weis erzielt a gewisen wat een trotz oder mat enger Behënnerung alles erliewe kann.

Zum Schluss hu mir dunn nach de Film "Die Pinguine aus Madagascar" gekuckt.



Michael Herold
(Sources Info Handicap)

De 15. Januar si mir an d'Philharmonie de Concert "Bäng" Auch du kannst komponieren lauschteren a kucke gaang wou mir och selwer mat onse selwergebauten Instrumenter aktiv waren.

Well am franséische Buch, Unité 11, d'Oper Carmen vum Georges Bizet um Programm steet, si mir de 15. Mee nach eng Kéier an d'Philharmonie "Carmencita" lauschteren a kucke gaang.

Déi lëscht 3 Schouldeeg virun der grousser Vakanz si mir 3 Deeg op den Ausfluch gaang. D'Sophie Sunnen, de Schoulmeeschter Chris an den Daniel Stoller hunn ons begleet. Dofir soe mir hinnen nach eng Kéier merci!

Den 1 Dag hu mir ons immens gudd am Walibi ameséiert.




Dunn ass et op Durbuy gaang wou mir an Tipien geschlof hunn.

Den 2. Dag stounge folgend Aktivitéiten um Programm: Lasergame, Labyrinth am Däischteren, Megakicker, Karting, Kloterpark, owes gemittlech spadséieren.

De leschten Dag hu mir eng Schatzsuche duerch Durby an eng Via Ferrata gemaach an och Bouschéissen geübt.

# Cycle 4.2
















Nach zwee gréisser Projeten hunn déi 2 Klassen op d'Been gestallt.

D'Klass vun der Madame Weis huet mat Hëllef vun der Joffer Annette an dem Nicole Wollscheid e Stop Motion Film réaliséiert. Als éischt huet d'Joffer Annette an den Däitschstonnen mat ons zesummen eng Geschicht erfonnt. Den Titel vun onsem Stop Motion Film heescht "Fantasias".

Hei e puer flott Fotoen.





**Nicole Wollscheid erklärt eis d'Technik vun engem Stop Motion Film.**


# Cycle 4.2



An de Bastel- a Molstonnen fänke mir un ons Décoren fir de Film ze réaliséieren.



Mir fotograféieren ons géigesäiteg, fir an dem Film iwwerhaapt matwierken ze kënnen.



Ons Décoren sinn souwäit fäerdeg. Lo kann et richteg lass goe fir onse Film ze réaliséieren!



Während déi eng Schüler fotograféieren, versichen déi aner Schüler eng Musek fir de Film ze komponéieren.



Den Ufank vum Film gëtt fotograféiert.



Wann alles an der Këscht ass fuere mir op Nidderanven an den Tounstudio wou Stëmmen, Niewegeräischer (z.B. staubsaugen, Fernseh kucken,...) opgeholl ginn.

No dräi Méint ass onse Film "Fantasias" fäerdeg a mir hunn en deenen anere Klassen aus onser Schoul gewisen.

Dobäi hate mir all ons Requisiten un d'Mauer gehaang fir onse Frënn ze weisen, wéi sou e Fim réaliséiert gëtt. Als Iwwerraschung hate mir och nach mam Sabrina Iacovazzi en Danz ageübt.



# Cycle 4.2



D'Klass vum Här Glod huet mat Hëllef vun der Joffer Nathalie an der Zirkusschoul "Zaltimbanq" den Zirkusmusical "Der Tag, an dem der Zirkus verboten werden sollte" ageübt, deen och an engem richtegen Zirkuszelt opgefouert gouf. Hei och e puer flott Impressiounen.













**Zum Schluss soen d'Schülerinnen an d'Schüler souwéi d'Léierpersonal aus dem Cycle 4.2. der Gemeng Conter VILLMOOLS MERCI fir hir finanziell Ënnerstëtzung.**